**NATIONAL - SCHNELLTESTER**

# D'Apdikte sollen an d'Strategie mat agebonne ginn

Vum Raphaël Dickes (Télé)

**D'Apdikte ginn an d'Schnelltest-Strategie mat agebonnen.**

*D'Apdikter si bereet Deel vun der Test-Strategie ze ginn a Schnelltester duerchzeféieren. Heibäi sollt et sech ëm en Nuesen-Ofstréch handelen.*

**D'Apdikter si bereet, Deel vun der Test-Strategie ze ginn a Schnelltester duerchzeféieren. Heibäi sollt et sech ëm en Nuesen-Ofstréch handelen.**

D'Regierung ass a Gespréicher mat den Apdikte fir ze kucken, wéi si an d'Schnelltest-Strategie kéinte mat agebonne ginn, dat sot d'Gesondheetsministesch e Freideg de Mëtteg der Presse. Definitiv decidéiert ass also nach näischt, ma esou kéint de Schnelltest beim Apdikter oflafen,

D'Apdikter si bereet Deel vun der Test-Strategie ze ginn a Schnelltester duerchzeféieren. Heibäi sollt et sech ëm en Nuesen-Ofstréch handelen. Dat hätt ee lescht Woch an enger konstruktiver Reunioun mat der Direktioun vun der Santé festgeluecht. Seet den Alain De Bourcy, President vum Syndikat vun den Apdikter. Deemno géifen d'Apdikter d'Tester vun der Santé zur Verfügung gestallt kréien.

25-30€ kéint den Apdikter fir säin Akt vum Prelevement, der Auswäertung an dem Ausstelle vun engem Certificat verrechnen. Ob de Client oder d'Santé dës Käschten iwwerhuele géif, wär nach net kloer. Bei engem positiven Test missten d'Informatioun weider un de Contact Tracing geleet ginn.

Et wär ee sech driwwer eens, datt dës Schnelltester vun den Apdikter just kéinten op Rendez-vous geholl ginn. Aus Plazmangel kéinte se och net an den Apdikte selwer gemaach ginn. Bei de Gemenge weess een awer heivunner nach näischt.

De Syvicol wär nach net kontaktéiert ginn, dat sot de President Emile Eicher. Ma d'Iddi wier gutt an d'Gemenge géife gär eng Hand mat upaken, fir nees méi Normalitéit ze kréien.

Wat kann ee mat engem Certificat vun engem negative Schnelltest aus der Apdikt ufänken? Eng vu villen oppene Froen, déi nach ze kläre bleiwen... Fir mam Fliger ze fléien oder a verschidde Länner anzereesen, geet e Schnelltest nämlech net duer, do brauch een e PCR-Test. Deemno wéi d'Verbreedung vun de Virus-Mutatioune sech zu Lëtzebuerg entwéckelt, kéint awer séier grousse Bedarf u séieren an onbürokratesche Schnelltester bei den Apdikter entstoen, mengt den Alain De Bourcy. Sollt nämlech d'Robert Koch Institut de Grand-Duché, wéi elo schonn d'Moselle, als "Mutanten-Territoire" astufen, bräichte mer den Noweis vun engem negative Schnelltest fir eriwwer an Däitschland.